

Gemeinsam Stellungnam zum Budget rectificié 2021 an zum Budget 2022

Fir déi gréng Mamer

Claudine Vervier-Wirth, Mim Bernard an Adèle Schaaf-Haas

Här Buergermeeschter,
Dir Häre Schäffen,
Dir Damen an Häre Conseilleren,

Als éischt wëlle mir dem Gemengepersonal a ganz besonnesch dem Herr Bontemps Merci soen fir hir gutt Aarbecht an hir Disponibilitét fir op eis Froen ze äntweren.

Et ass „eng schwiereg Zäit“ ouni Zweiwel, wéi de Buergermeeschter a senger Aleedung bei der Budgetpresentatioun festgestallt huet. Dobäi ass hie bei der Virstellung vum Budget mat kengem Wuert op de Klimawandel, Verloscht vun der Biodiversitéit a Wiederextremer agaang, déi an Heefegkeet an Intensitéit ëmmer méi zouhuelen.

D'Wiederextremer si spéitstens dat lescht Joer och zu Lëtzebuerg - an zu Mamer-ukomm, mat de massiven Iwwerschwemmungen am Juli déi gewisen hunn, wat fir een Ausmooss un Zerstéierung a Leed bei de Leit Naturkatastrophë mat sech bréngen. Ganz offensichtlech sinn och d'Folgekäschte mëttel- a laangfristeg wa mir net elo ganz decidéiert géint de Klimawandel virginn. Dëst kann a muss och op lokalem Niveau an Ugrëff geholl ginn. Mir gi spéider am Detail op e puer Virschléi an dësem Beräich an.

Ganz grav ass op lokalem Niveau den **Zoustand vun eise Bëscher**: op Grond vun der extremer Dréchent ass virun allem de Bichebestand an engem schlechten Zoustand. Esou huet de Fierschter och den alarmante Constat gemaach datt „esou guer nei Beem net ukommen“ an eise Bëscher. D'Situatioun ass net „aussichtslos“, et ass awer héich Zäit och do mat konkrete Moossnamen entgéint ze wierken.

Mir sinn der Meenung datt et, fir den Erausforderunge vun haut gerecht ze ginn, definitiv net duergeet mat enger ambitiëser Investitiounspolitik a Gebaier – nom Motto „wat méi wat besser“.

An dësem Budget ginn d'Prioritéite falsch gesat. Mir wäerten dofir, no enger kuerzer Analyse, op e puer Themen agoen an awer och Virschléi maachen, fir der Klima- an Ëmweltkris Rechnung ze droen.

Mir wëllen lech dann

- als éischt eis Analyse vum Budget virstellen, dono
- Amendementer mat konkrete Beispiller, woufir mir géife Suen investéieren
- an um Schluss eis Conclusioun presentéieren.

Wunnengsbau:

D'Motioun vun déi gréng iwwert de Logement ass eestëmmeg ugeholl ginn am Oktober dëst Joer an d'Konventioun mam Pacte Logement ass am Juni dëst Joer am Gemengerot gestëmmt ginn. Mir stellen allerdéngs fest datt keng vun de Moosnamen, déi vu jidderengem ugeholl gi sinn, am Budget iwwerholl ginn ass.

Fir eng breet Zoustëmmung an allen Beräicher ze fannen bei der Erstellung vum Plan d'Action local ass et indispensable fir e Groupe de travail zesummenzestellen, wou Fonctionnaires dobäi sinn déi iwwert déi lafend Infrastrukturprojet'e Bescheid wëssen, souwuel aus dem Finanz- wéi dem Ëmweltservice an den Architekt -Urbaniste aus der Gemeng.

Déi gréng Mamer bléiwe bei de Fuerderunge vun de leschte Joren. De neie Pacte Logement 2.0 ënnerstëtzt eng Rei vun Initiative mat Subventiounen, a folgende Beräicher:

- Mobiliséierung vun de Baulücken; dat heescht och fir aktiv op Propriétaires zou ze goen;
- D'Gemeng soll als Bauhär optriede fir abordabel Wunnengen aus öffentlecher Hand ze schafen;
- Liewenswäert a flott Opwäertung vu Plaze mat vill Gréngs;
- Zesummenaarbecht mat soziale Wunnengsinitiativen, wéi der Agence immobilière sociale (AIS), an esou méi Wunnengen als Locatioun zur Verfügung stellen;
- Innovativ, generatiounegerecht Bauprojeten initiéieren

Mir stellen eis awer d'Fro firwat dës Moosnamen net am Budget berécksiichtegt gi sinn, obwuel dës vum ganze Gemengerot ugeholl gi sinn.

Urbanismus

Eng nohalteg Entwécklung vun eisem Liewensraum ass wichteg, besonnesch beim héije Wuesstem an eiser Gemeng, dee mat 2,77 % dëst Joer, a 5 % fir dat nächst Joer wäit iwwert dem nationalen Duerchschnitt läit.

Déi gréng gesinn **d'Zersiidlung** vun der Landschaft duerch Erweiderunge vum Bauperimeter als kritesch. Dës Tendenz geet ëmmer op d'Käschte vun der Biodiversitéit.

D'Kompensatiounsmoosname sinn indispensable. Esou gëtt den „Naturschutz“haut all ze oft als Schëllege vun alle méigleche Problemer duergestallt, notamment am Wunnengsbau. Dëse Constat huet de Jemp Weydert am Juli a senger leschter Gemengerotsëtzung festgehalten.

D'Gemeng muss nach méi gezielt nohaltege Quartier'en féerden. De Ministère vir Landesplanung huet e Katalog mat Richtlinien ausgeschafft wéi een Ecoquartier'e ka gestalten.

Am Allgemenge mussen eis Wunnquartier'e méi durchgrénzt ginn, et musse flott Plaze geplangt gi mat Foussweeër asw.

Energieeffizienz

Den integréierte nationalen Energie an Klimaplang huet dräi Objektiv festgehalen, déi och sollen um Niveau vun de Gemengen ëmgesat ginn:

- 1) Zäregasemissiounen em 55 % bis 2030 reduzéieren am Verglach zu 2005;
- 2) Den Undeel vun erneierbar Energien op 25 % eropsetzen; z. B. duerch eng gezielt Fërderung vun Wand a Solarenergie a Wärmepumpelen an de Gebaier; Di lescht Investitioun vun PV Anlagen op engem bestoenden Dach vun engem Gemengegebai war déi um Precoce am Kinneksbond virun e puer Joer.
- 3) An d'Energieeffizienz bis op 40-44 % bis 2030 eropsetzen. Dëst prioritäert Ziel kann ee just errechen duerch eng héich quantitativ a qualitativ Sanéierungsrat vun de bestoende Gebaier. De Klimaberoder vun eiser Gemeng proposéiert och erneierbar Wärmenetzer, Vermeidung vum Verkéier an E-Mobilitéit.

Déi gréng froen eng Rei vun Amendementer betreffend der Erhéijung vun Budgetspositiounen déi mir haut dem Gemengerot zur Ofstëmmung virleeën.

Energiearmut a Berodung fir méi Energieeffizienz

D'Energiepräisser sinn dëst Joer ganz staark geklommen an et bléift ongewëss wéi laang dës op engem héijem Niveau bleiwen.

Des Situatioun weist ganz kloer wéi wichteg et mëttelfristeg ass, datt mir eis Ofhängegkeet vu fossillen Energien erofsetzen an eis Effort'en fir méi Energieeffizienz a fir den Ausbau vun erneierbaren Energië weider verstärken.

Et ass awer och wichteg d'Mënsche mat niddregem Akommes an eng méi klima- an ëmweltfrëndlech Gesellschaft mat ze huelen. Sie sollen sech kenne mat abrénge, sief dat z. B. mat méi energieeffizienten Haushaltsgeräter oder enger energieeffizienter Wunneng.

D'Gemeng huet och d'Méiglechkeet fir gezielt Berodung a finanziell Ënnerstëtzung fir Léit mat niddregem Akommes unzebidden,

Amendement 1 vum Artikel 3/260/648 310/99001:

Aides aux personnes dans le besoin - allocation de vie chère communale

Kredit vun 2022 vun 20 000.- € op 50 000.- € erheijen.

2021 ware fir Primme fir Privatstéit 216 000.- Euro ageplangt. Dovu sinn der just 50 000 bis elo genotzt ginn, quitted dass dëse Montant nach kann erop goen. Fir 2022 sinn och just 50 000.- Euro ageplangt. Wisou ass dat esou: misst ee villäicht d'Leit besser informéieren,

hinnen hëllef sech besser am d'Djungel vun de Pabeieren erëmzefannen déi ee muss ausfëlle fir ee Subsid unzufroen?

Eiser Meenung no misst d'Gemeng hei méi proaktiv ginn, well déi virgesinnen Zomm ass jo sécher net aus der Loft gegraff gewiescht mee huet op plausible Previsiounen berout.

Am Géigesaz zu anere méi kleng Gemengen, war eis Gemeng bis elo net bereet, fir der **Energie Kooperativ LEADER WESTEN** - Diercher zur Verfügung ze stellen, fir dass Bierger sech zesummen, ouni laang Weeër a ganz konkret kënne fir erneierbar Energien engagéieren. D'Argument war, dass verschidde Bierger sech net sollen um Bockel vun der Allgemengheet beräicheren. Mee hei geet et guer net dorëms. De But heivun ass villméi dass d'Leit sollen ee Bezuch zu den erneierbaren Energië kréien an och d'Gefill kréien, dass sie zesumme kënnen eppes erreechen, anstatt just machtlos nozekucke wéi sech d'Problematik vum Klima ënner anerem duerch de Gebrauch vu fossilen Energien ëmmer méi verschäerft.

De Rendement an dee finanziellen Aspekt sin hei manner wichteg. Genee wéi aner Leader Gemenge soll och d'Gemeng Mamer endlech mat de Bierger op hirem Territoire op de Wee vun enger **ëmweilfrëndlecher Energieproduktioun goen**.

Amendement 2 vum Artikel 4/532/240 000/99001:

Primes de construction et de transformation à caractère écologique

Kredit vun 2022 vun 50 000.- Euro op 200 000.- Euro erhéijen

De Klimapakt ass leider nach ëmmer e Stéifkand an eiser Gemeng, wat dëst Joer vernoléisst ginn ass. Do geet et net duer fir dëst op déi erschwéiert Konditiounen vun de sanitäre Moosnamen zeréck ze féieren.

CO 2 Emissiounen gi leider bei eis net erof mee au contraire erop: méi wéi jee muss op alle Niveauen agéiert ginn.

Déi nei Moosname sinn dëst Joer a Kraaft getrueden an dës sinn vum Gemengerot validéiert ginn. D'Gemeng Mamer fält dann och vun 52,5 % op 34,2 % zeréck. Dëse Bilan schwätzt eng däitlech Sprooch, déi vun, "mol ofwaarden, wat dee neie Katalog bréngt". Mat just 2 Reuniounen mam Klimateam an dësem Joer kann een net wesentlech weider kommen.

Déi aktuell Klima- an Ëmweltekris verlaangt par contre eng Strategie mat konkrete Moosnamen a mat engem Zäitplang fir dës ëmzesetzen, och a grad um lokalen Niveau.

Mir kënnen an deem Kontext absolut net novollzéie wisou de Budget, dee fir de Klimapakt virgesi war net ausgeschöpft ginn ass: Vun 614 000.- Euro déi fir 2021 ageplangt ware, sinn der am Budget rectificié just 300 000 bis elo verbucht.

Nach vill manner kënne mir domat averstane sinn, dass dësen, an eisen Aen wichtige Poste fir 2022 soll vu 614 000 op 250 000 Euro erof gesat ginn. Fir Klimapakt an Naturpakt zesummen sinn am Budget extraordinaire am Ganzen 300 000 Euro vun engem Total vun iwwert 48 Milliounen virgesinn. Oder anescht ausgedréckt: 0,6 Prozent vum extraordinäre Budget soll investéiert ginn, fir nei Moosnamen fir Klima an Natur. Domat kënne mir net averstane sinn a wäerten och fir dës Positioun een Amendement virschloen.

Amendement 3 vum Artikel 4/532/211 000/99001

Pacte Climat – financement de mesures extraordinaires à prendre dans le cadre du pacte climat

Kredit vun 2022 vun 250 000.- Euro op 600 000.- Euro, wat dem urspréngleche Kredit vum Joer 2021 entsprécht.

Ëmwelt- a Klimaschutz a Biodiversitéitsverloscht

Natur a Klima hänken enk zesummen. Mir hunn am Gemengerot d'Konventioun fir den Naturpakt den 29.11 all zesummen ënnerschriwwen.

Mir fannen, dass déi 50 000.- Euro déi heifir fir d'Joer 2022 virgesi sinn vill ze wéineg sinn a fuerderen dass dese Montant op 150 000.- Euro eropgesat gëtt.

Genee wéi beim Klimapakt mécht dat nëmme Sënn wa mat deene Suen dann och eppes Konkretes geplangt gëtt a geschitt: heifir brauch et Manpower.

D'Gemeng schafft mam Syndicat SICONA zesummen an déi Leit maachen ouni Zweifel eng gutt a wäertvoll Aarbecht. Dat geet awer net duer.

Et gëtt ee Mesurëkatalog vun der Regierung mat ville flotte Moosnamen, déi d'Gemenge kënnen am Kader vum Naturpakt ëmsetzen.

Zousätzlech zu der Zesummenaarbecht mam SICONA verlaange mir, dass de Schäfferot e Beroder, deen op de Natur- a Biodiversitéitsschutz spezialiséiert ass, astelle soll.

Dese géif dann, zesumme mat de Leit aus de Kommissiounen a firwat net mat engem Naturteam, Mesuren a ganz verschidde Beräicher eraussichen, déi fir eis Gemeng passen, se dono plangen an zügeg ëmsetzen.

Amendement 4 vum Artikel 4/532/211 000/99002

Pacte nature - financement de mesures extraordinaires à prendre dans le cadre du pacte nature

Kredit vun 2022 vun 50 000.- Euro op 150 000.- Euro erheijen.

Douce Mobilitéit a Verkéier

52 % vun de kommunalen Emissiounen zu Lëtzebuerg sinn op de Beräich vum Verkéier zeréck ze féieren, dowéinst soll et eng Prioritéit sinn d'Mobilitéit douce ze féieren.

Am Budget fir 2022 si vill Sue virgesi fir d'Mobilitéit douce:

Do sollen elo endlech déi vill flott a scho laang geplangter Weeër fir Foussgänger a Vëloen tëschen eisen Uertschafte Realitéit ginn.

D'Placette Kiem gëtt fir déi Multimodal Mobilitéit ausgeriicht a viles nach.

Dat begrësse mir ausdrécklech genee wéi och dee geplangte Foussgängerleitsystem, dee mir schonn an anere Gemengen konnten testen.

Sozialen Zesummenhalt, Inklusioun an Chancëgläichheet

Mamer huet eng ganz aktiv Maison Citoyenne geschaaft, mee Inklusioun däerf net hei ophalen. Och d'Gemeng mat hire Gemengeservicer ass gefuerdert, fir konkret Moosnamen am Beräich Accessibilitéit vir jiddereen am ëffentleche Raum ze realiséieren.

Eng Bestandsopnam soll gemaach ginn a Verbesserungen ëmgesat ginn. Dozou gehéiert och d'Accessibilitéit zu Fester. Et kann net sinn, datt eng Almhütt net zougänglech ass fir Lait à mobilité reduite.

Amendement 5 néie Budgetsartikel

Kredit vun 70 000.- Euro


Kultur, Fräizäit a Manifestatiounen:

An eiser Gemeng gëtt vill gefeiert a vill Léit sinn a Veräiner engagéiert. All dëst ënnerstëtzen déi gréng, well et d'Léit zesumme bréngt. Dëst ass ëmsou méi wichteg well an eiser Gemeng 51 % vun den Awunner net Lëtzebuurger sinn.

Dës Aktivitéite ginn dann och ganz grousszueg finanziell ënnerstëtzt mat engem Montant fir dat nächst Joer vun :

* 475 000.- fir frais de « Marketing et de publicité » (*Artiklen 3/532/ 211 000/99001 – 99003*) a mat

* 1,3 Milliounen Euro ënnert « Fêtes publiques » (*Artikelen 3/860/ 615 241/ 99001 an 99002*), eleng am ordinäre Budget.



Mir betounen op dëser Plaz, datt *déi gréng* Fester an aner Manifestatiounen ënnerstëtzen, an net „einfach géint Alles sinn“, wéi mir schons reprochéiert kruten.

Fait ass awer, datt fir nei Mesuren am Kader vum Klima an Naturpakt zesummen nëmmen 300 000.- Euro dat nächst Joer am Budget virgesi sinn.

Op der aner Säit ass de Betrag am ordinäre Budget fir Fester an Marketing kontinuéierlech déi lescht Joren an d'Luucht gaang. Eleng fir dat nächst Joer ass et e Betrag vun 1,8 Milliounen. Dëst ass eiser Meenung no onverhältnisméisseg am Verglach zu den Depense vir de Klima an Ëmweltschutz.

Et ass och net ersiichtlech am Budget wat fir eng Zomm fir déi jeeweileg Fester a Manifestatiounen virgesinn ass; am Sënn vun enger méi transparenter Budgetspolitik froe mir datt fir déi 5 gréisste Manifestatiounen (Nationalfeierdag, Chrëschtmaart, Wintermoments.....) jeeweils separat Budgetartikele geschafe ginn, well nëmmen esou ass ersiichtlech wat fir eng Zomme woufir investéiert ginn.

Am Beräich KULTUR steet Mamer mam Centre Culturel Kinneksbond sécher gutt do an huet eng diversifiéiert kulturell Offer. Mee ee Beräich kënnt zu Mamer ze kuerz, an dat ass d'Valorisatioun vum Patrimoine.

Mir denken do z. B. un d'Mise en valeur vun den « THERMES ROMAINS », déi och fir den Tourismus kann interessant sinn. Do kéint een am Kader vum LEADER PROGRAMM méi eng grouss Zesummenaarbecht sichen an de lokale Patrimoine an e regionale Kontext setzen.

Well *déi gréng* sech mat enger konstruktiver Kritik wëllen abrénge maache mir dann och gären e puer Virschléi :

Virschléi vun *déi gréng* fir Mesuren am Kader vun den Amendementer déi mir virschloen:

Energieeffizienz an erneierbar Energien:

- 1) D'Gemeng soll d'Reglement fir energetesch Sanéierung vun de Gebaier (cf. Amendement 2) dat nächst Joer op Grond vun der néier Reglementatioun vum PRIME House upassen an d'Awunner wesentlech méi proaktiv sensibiliséieren an incitéiere fir energieeffizient Moosnamen ëmzesetzen. Och eng verstärkt Berodung um Niveau vun der Gemeng ass néideg.
- 2) Mobilisatioun vun Daachfläche fir Photovoltaikanlagen: fir d'Emissiounen vu klimaschiedlech Gasen ze reduzéieren ass et essentiell fir och privat Diecher vu Betreiber a Privatleit mat PV Anlagen auszerüsten; dofir muss eis Gemeng méi verstärkt mat der Energiekooperativ Leaderwest zesumme schaffen;
- 3) **Solarparkingen ënnerstëtzen:** versigelt Fläche solle méi effizient a multifunktionell am Sënn vum Klimaschutz genotzt ginn; dës sollen iwverdeckt gi mat Photovoltaikanlagen. D'Klimabündniss ënnerstëtzt a beréit d'Gemengen an dëse Projet'en. Eng grouss Firma zu Holzem ass mam gudden Beispill virgaang.

- 4) Projet vun **Wandrieder an eiser Gemeng**: dëse Projet ass am Gemengerot presentéiert ginn; duerno krute mir erkläert datt d'Ëmweltoplagen dëse Projet deelweis erëm a Fro géife stellen. Firwat kritt de Gemengerot net méi Explikatiounen fir dëse wichtige Projet am Kontext vum PNEC?

Klima an Ëmwelt, Aarteschutz:

- 5) **Bampatenschaften**: déi gréng hunn eng Propos am Gemengerot gemaach fir datt Bierger eng Patenschaft fir Beem kënnen iwwerhuelen. Privatleit an d'Schoukanner sollen esou mat abezu ginn an sech „responsabel“ fillen vir den Erhalt vun aise Bëscher. De Fierschter ass och disponibel fir d'Léit weider ze sensibiliséieren z. B. mat Bëschwanderungen. D'Ëmweltkommissioun wëllt an deem Kontext dat nächst Joer konkret Propositionen maachen;
- 6) Bei der **Ëmsetzung vun PAG an PAP'en** soll am Kader vum Naturpakt e Screening gemaach ginn, wou een am urbane Raum kann „méi Gréngs“ virgesinn.
- 7) **Renaturéierung vun der Mamer** : am Budget steet e Betrag vun 50 000.- fir eng Etude (4/550/ 222 100/22001). Dësen ass fir eng Ofschottung vun de Garagenenafaarten am Neiewee.
Mir sinn der Meenung datt dëst net duergeet: et muss preventiv Héichwasserschutzmoossnamen geplangt ginn. déi gréng proposéieren eng Etude fir d'Renaturéierung vun der Mamer tëscht Holzem a Mamer.

Verkéiserssecherheet

- 8) De Schoukanner d'Méiglechkeet ze bidden fir iwwert e séchere Wee kënnen mam Vélo an d'Schoul ze fueren. Pro-Vélo.lu asbl ënnerstëtzt d'Gemengen a bitt Formatiounen un.

Sozial Kohesioun a Jugend

- 9) **Gemeinschaftsgäert**: d'Gemeng muss endlech en Terrain zur Verfügung stellen, an zwar an deene 3 Uertschaften fir mat dësem Projet endlech lass ze leeën.
De CELL (Center for Ecological Learning) bitt Workshopen un fir Hobbygärtner an Projektleiter vu Gemeinschaftsgäert, dëst ass wichtig well Buedemschutz ass och Klimaschutz.
- 10) De **Schoukanner Workshopen** offrëieren an nohaltegen Themen wéi z. B. Ernierung a Klimawandel; Reebëscher, Rohstoffe an indigene Vëlker an de Klimawandel;
Interaktiv Ausstellungen „Empreinte alimentaire“ (*KLIMABUNDNIS*)
- 11) D'Jugend darf och net vergiess gin: déi gréng vun de Sektione Mamer, Strassen , Bartreng an Koplescht/Bridel hunn am November eng Table ronde iwwert d' « **Santé mentale des jeunes** » organiséiert: et geet ville Jugendlecher net gutt, si waren ze laang isoléiert während der Pandemie. D'Experte waren sech eens datt et ganz wichtig ass der Jugend eng breet Fräizäitgestaltung ze offrëieren,

wou si erëm reegelméisseg an ongezwonge sozial Kontakter kënnen hunn . Dofir soll de Breeddesport nach weider gefërdert ginn an eiser Gemeng.

D'Jugendhaus huet eng wichteg Funktioun fir Jugendlecher aus der Gemeng, an dréit ganz sécher zur sozialer Kohesioun bäi. Mir hunn eis awer gefrot wisou d'Participatioun un de Frais de fonctionnement vum Jugendhaus vun 256 000.€ op 149 000.-€ erof geet? Do froe mir eng Erklärung!

Ofschleissend nach eng lescht awer ganz wichteg Proposition, déi all Beraicher betrëfft an eiser Gemeng:

Mir proposéieren e kommunale Klima- an Nohaltegkeetscheck fir Projeten an Aktivitéiten an der Gemengen virzegesinn. Dat nächst Joer soll en TOOL zur Verfügung gestalt ginn, fir dëst anzusetzen.

Dir Dammen an dir Hären,

Klima an Ëmweltschutz ass net just „nice to have“ mee eng Noutwendegkeet.

Mir sinn der Meenung datt di vill Investementer déi de Schäfferot virgesäit bei wäitem net duergu vir den aktuelle „Krisen“, virun allem d'Pandemie an den extreme Wiederverhältnisser gerecht ze ginn: et muss definitiv een Ëmdenke kommen, a mir mussen eis bewusst sinn datt mir all een Deel si vum Problem, awer och vun der Léisung.

Déi gutt finanziell Situatioun vun eiser Gemeng verflucht eis all fir ëmsou méi Verantwortung ze iwwerhuelen fir déi Generatiounen déi no eis kommen.

Wéi all déi Jore virdrun, vermessen mir an dësem Budget eng iwwergräifend Strategie vir eng konsequent Reduktioun vun den Zäregasen, Moosname fir den Naturschutz an den Erhalt vun der Biodiversitéit.

Dës Prioritéite missten sech an alle Beräicher vum Budget erëmispigelen.

Mir hunn 12 konkret Proposé gemaach a 5 Amendementer fir gezielt Budgetskreditter ze heijen an de Beräicher déi mir fir essentiell halen.

Déi gréng hoffen datt dës berécksiichtegt ginn a maachen eise Vote zum Budget ofhängeg vun der definitiver Decisioun vum Schäffen- a Gemengerot.

Här Buergermeeschter, dir Dammen an Hären, mir soe Merci fir d'Nolauschteren.